N° 8166
Entrée le 19.07.2023
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Fernand Etgen
Luxembourg, le 19.07.2023

**Här Fernand Etgen**
**President vun der Chamber**

Lëtzebuerg, den 19. Juni 2023

Här President,

Esou wéi den Artikel 80 vum Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Minister fir Educatioun, Kanner a Jugend weiderzeleeden.

„D'Centres d'insertion socio-professionnelle (CISP) fir d'Schüler, déi ee Schoulofbroch riskéieren oder schon ofgebrach hunn, ass eng wichteg Mesure, déi d'Verlängerung vun der Schoulflicht begleet. […] Aktuell ginn et schonn eng Partie CISPen, an et sollen nach anerer a verschiddene Regioune vum Land geschaf ginn." Dëst steet an der aktueller Ausgab vun „EduZoom" ze liesen, déi virun e puer Deeg vum Educatiounsministère un d'Eltere vu Schüler gemailt ginn ass.

An deem Kontext wéilt ech folgend Froen un den Här Minister fir Educatioun, Kanner a Jugend riichten:

- Wou am Land gëtt et aktuell e Centre d'insertion socio-professionnelle?
- Wéi vill wäerten der gebraucht ginn, wann d'Schoulpflicht bis 18 Joer voll gräift?
- Op wéi enge Plazen am Land sinn der nach geplangt a bis wéini sollen déi operationell sinn?
- Muss nach eng gesetzlech Basis fir d' Centres d'insertion socio-professionnelle geschafe ginn?
  - Wa jo, wat genau muss gesetzlech gereegelt ginn?

Här President, ech bieden Iech, mäin déifste Respekt unzehuelen.

Martine Hansen

Co-Fraktionspresidentin

CSV-Fraktioun | 13, rue du Rost | L-2447 Luxembourg | Tel. 47 10 55 – 1 | csv@chd.lu